LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

*Seul le discours prononcé fait foi*

**Fête nationale 2025**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours du Premier ministre Luc Frieden**

Altesses Royales,

Excellences,

Här Chamberpresident,

Dir Dammen an dir Hären,

Nationalfeierdag ass en Dag wou ee stoe bleift, nodenkt a feiert wat ee verbënnt, eng gemeinsam Geschicht an e gemeinsamen Zukunftsprojet.

Jo, mir hu villes wat eis verbënnt an all Dag musse mir all dru schaffen datt eist Land sech positiv weiderentwéckelt.

Mir all wëllen dat Bescht fir eist Land a seng Leit. D'Stäerkt vu Lëtzebuerg ass dass mir eis ëmmer nees dorop besënnen, dass mir dat am beschten zesumme meeschteren – andeems mir beienee fannen, matenee schwätzen. De respektvollen Ëmgang mat ënnerschiddleche Perspektiven a Meenungen ass e fundamentaalt Element vun eiser Demokratie.

Fir si gëllt et sech anzesetzen, heiheem an an der Welt. D'Demokratie a gutt funktionéierend Institutioune sinn de Garant vun der Fräiheet, de Mënscherechter an dem Rechtsstaat. Eis Monarchie, eist Land, eis Demokratie, eis Eenheet, eis Onofhängegkeet, dat alles feiere mir haut. An d'Symbol vun dëser Eenheet an Onofhängegkeet ass de Grand-Duc.

Altesse Royale,

viru 25 Joer sidd Dir eise Grand-Duc, eise Staatschef ginn, an der Nofolleg vun Ärem héich respektéierten a beléifte Papp, dem Grand-Duc Jean.

Sou wéi Är Virgänger – d'Grande-Duchesse Charlotte an de Grand-Duc Jean - hutt Dir Är Roll un Iech, an un eis Zäit ugepasst. An dat, mengen ech kann een haut soen, ass Iech gelongen.

Och wann Dir als konstitutionelle Monarch ouni Récksprooch mat der Regierung keng politesch Meenung ausdrécke kënnt, esou hutt Dir awer duerch Är Präsenz a Messagen oft staark Zeeche gesat, déi d'Lëtzebuerger Land an eng gewësse Richtung sollte beweegen.

Wee kennt net déi Biller vun Iech an der Natur mam grénge Paltong, e kloert Zeeche wéi wichteg eis Ëmwelt fir Iech ass – an dat mir se schützen an appreciéiere sollen.

Oder Är sëlleg Visitte vun Entreprisen, wou Dir d'Wichtegkeet vun eiser Ekonomie heiheem an am Ausland ënnerstrach hutt, als Garant vun eisem Wuelstand.

Wann Dir op Sportveranstaltunge waart, dann net nëmme well Dir Iech fir Sport interesséiert, mee och als Ënnerstëtzung fir eis Sportsmouvementer a well Dir de Message wollt matginn datt Toleranz, Respekt, Leeschtung a *fair play* och fir eise gesellschaftlechen Zesummenhalt wichteg sinn.

Jo, e Grand-Duc ass eng Funktioun, mee et ass och e Mënsch.

All déi, déi Iech begéint sinn, hu gemierkt datt Dir net en distante Monarch sidd deen a sengem Palais sëtzt, mee eng ganz gentil, villsäiteg interesséiert Persoun, déi gäre mat de Leit aus alle beruffleche a soziale Kreesser schwätzt, an dat op eng ganz einfach Aart a Weis.

Duerfir e grousse Merci.

Monseigneur, Dir hutt eisem Land vill mat op de Wee ginn. Dir hutt dat oft zesumme gemaach mat der Grande-Duchesse, well eng modern Monarchie an Ären Aen als Koppel optrëtt a schafft.

Madame,

Dir hutt Ären Titel op eng impressionant Manéier gebraucht fir Iech fir humanitär Causen anzesetzen.

E passionéiert Engagement fir d'Mënschen an Nout déi eng bekannte Stëmm brauche fir op hir Situatioun opmierksam ze maachen.

Déi Stëmm hutt Dir, Madame, hinne ginn.

Sief et bei der Mikrofinanz, dem Schicksal vu Fraen, déi Affer vu Viol bei Kricher ginn, oder Äert Engagement heiheem beim Roude Kräiz oder aneren ONGen.

Ech selwer konnt als Finanzminister Är Passioun an Afrika erliewen, wéi Dir mat Fraen iwwer hiert Liewen a Schaffe geschwat hutt.

A mir waren impressionéiert vun Iech, wann Dir fir all Kriibskranken oder -geheelten an hir Famillje waarm a léif Wieder fonnt hutt.

Ären Asaz, Altesse Royale, fir sozial an humanitär Zwecker ass e Beispill fir Viller an e Symbol vum groussen Häerz vun der ganzer Lëtzebuerger Natioun.

Monseigneur,

Eist Land, eist Europa huet sech an de leschte 25 Joer staark geännert. Et ginn haut vill méi Awunner am Land, vill méi Grenzgänger, déi bei eis schaffe kommen, vill méi Nationalitéiten.

Dat friddlecht Zesummeliewe vun all dëse Mënschen an eisem Land war ëmmer en Häerzensuleies vun Iech a vun der Grande-Duchesse.

De 7. Oktober 2000, bei Ärer éischter Ried als neie Grand-Duc hutt Dir gesot: Ech verspriechen haut alle Matbierger mäi Bescht ze gi fir d'Heemecht an all d’Leit, déi bei eis wunnen.

Haut kënne mir Iech soen: Dir hutt Äert Verspriechen ageléist. Dir hutt Äert Bescht gemaach a mir wëssen datt Dir Iech och an der Zukunft, zesumme mat der Grande-Duchesse, eisem nächste Grand-Duc dem Prënz Guillaume an der Prinzessin Stéphanie, fir eist Land asetze wäert.

Am Numm vun der Regierung a vum ganze Land, soen ech Iech haut e grousse Merci.

Vive eis groussherzoglech Famill! Vive Lëtzebuerg! Vive Europa!